N°3494
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Oft kënnt et vir, dass Rechnungen, Loyeren oder aner Créancen onbezuelt bleiwen. Am Fall vu Streidereien ëm Geldfuerderungen ënnert 15.000€ hunn d'Leit d'Méiglechkeet, fir um Friddensgeriicht d'Suen ze reklaméieren. Am Joer 2024 goufen eleng Friddensgeriicht zu Lëtzebuerg iwwert 30.000 Ordonnancen agereecht, zu Esch bal 40.000 an zu Dikrech ronn 17.000.

D'Prozedur vun der "*ordonnance conditionnelle de paiement*" ass awer nach ëmmer zimmlech ëmständlech. Déi betraffe Bierger:innen, kleng Betriber oder Independante mussen op PDF-Formulairen zeréckgräifen, déi ausgedréckt, ënnerschriwwen an op klasseschem Wee um Friddensgeriicht selwer mussen deposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat ass et aktuell nach ëmmer net méiglech eng *Requête en ordonnance conditionnelle de paiement* beim Friddensgeriicht digital iwwer MyGuichet anzereechen, obwuel et sech ëm eng standardiséiert a vill genotzte Prozedur handelt?
2. Ginn et konkret Projeten oder eng Zäitschinn, fir dës Prozedur an Zukunft voll digital ofzewéckelen a falls jo, wéini ass domat ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés